



wann dee Moment ganz kleng Dose geholl ginn. An der therapeutischer Basis, do hëlt een 0,1%, 0,1 Gramm, dat sinn 100 mg. Rechent dat aus, mol 6%, dat gëtt ganz genau 6 mg. Wann een dat zum Mond eran hëlt, par voie orale, da kënnt déi eng Kéier an de Mo, do gëtt déi zerstiéiert, da kënnt se an d'Liewer, do gëtt och en Deel zerstiéiert, dann hu mer nach 3 mg am Blut.

Dir Dammen an Dir Hären, 3 mg am Blut par rapport zu deenen 30, déi ech virun zitiiert hunn, dat ass absolut guer näischt! Dat bedeit ganz genau, dass 0,2, dat ass ze vergläiche mat 0,2 Promille vun Alkohol am Blut. An der Dose égale muss ech soen, dass de Cannabis bäi Wäitem manner Niewewierkungen huet wéi den Alkohol.

An ech betounen hei, de Cannabis, an therapeutischer Dosis, huet absolut keng Niewewierkungen. A kommt mer wann ech gelift net heihinner zielen, et wier de Contraire, dat ass net wouer! Déi nei rezente Etüde beweisen, dass do guer keng Niewewierkunge sinn, wann et an therapeutischer Dosis natierlech geholl gëtt, dat heescht par voie orale, an net, wann een dohinner geet an et fänkt een un do eng Zigarett ze dréien an ze fëmmen.

Elo stellen ech d'Froen. Här Minister, kennt Dir déi rezente Etüden, wat de Cannabis ugeet? Wéi ass Är Positioun par rapport zum Cannabis thérapeutique?

Sidd Dir bereet, fir den THC anzeféieren, mat deem ech schonn d'accord wier? Dat wier e Schratt no vir.

Sidd Dir och bereet, fir weider Etüde vun der Cannabis-Planz nozekucken an déi och ze legaliséieren - ëmmer, wéi gesot, an therapeutischer Dosis?

A wéi ass Är Positioun, wéi ass der Lëtzebuerger Regierung hir Positioun par rapport zum Europa-Kontext?

Ech soen Iech Merci.

► **M. le Président.**- Den Här Gesondheitsminister huet d'Wuert.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass e bësse méi e speziellen Exercice, deen den honorablen Deputéierten hei wot, well en zënter engem Joer - wéi e gesot huet - als Dokter de Cannabis fir therapeutesch Zwecker verschreift, an an deene leschte Méint a sukzessive Froen nogefrot huet, wat d'gesetzlech Basis dofir ass.

Ech mengen, d'gesetzlech Basis hei zu Lëtzebuerg ass zimlech kloer. Et ass kloer: Am Moment ass et net méiglech, fir Cannabis als Medikament ze verschreiwen, well de Cannabis net als Medikament uerkannt ass an net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä och an deem Land, wou e sech da besuergt gëtt - an Holland -, net als Medikament enregistriert ass. De Cannabis ass an Holland net als Medikament enregistriert. Et gëtt e medezineschen Notzen dovun, mä en ass net e Medikament an en ass och - an dat hu mer nogefrot beim hollänneschen Gesondheitsministère -, en ass net zougelooos.

En huet déi Prozedur net gemaach, fir kënnen den Numm Medikament ze droen. Wann een den Numm Medikament dréit, dat ass eng ganz komplizéiert, eng ganz komplex Prozedur, well een net nëmmen eppes soll zouloossen, mä well een och d'Sécherheet vum Gebrauch an d'Sécherheet vum Patient soll garantéieren.

Et heescht also, et ass e bësse méi eng speziell Prozedur. No Froen, no öffentleche Kundgebungen, no enger - wou ech net drop wëll agoen - juristescher, no enger gerichtlecher Prozedur, déi amgaang ass, ass d'Fro dann hei an d'Parlament komm, an ech wëll mech net laanscht Äntwerten drécken, och wann et eng delikat Fro ass.

Ech kennen déi Recherchen, déi gemaach gi sinn. Ech weess awer och, dass op ganz ville Plazen opgrond vun deene Recherch gesot gëtt, dass et ze vill fréi ass, fir definitiv Konklusiounen ze zéien an alle connecten Domänen, well et ass net esou, dass mer hei iwwer eng Aspro schwätzen, mä

mer schwätzen iwwer eng Substanz, déi als Drog klasséiert ass, déi um internationale Plang als Drog klasséiert ass, a wou mir och internationale Konventiounen ënnerschriwwen hunn.

Et ass allerdéngs esou, dass an deene leschte Joren eng Evolutioun amgaang ass, an eng Rei vu richteg Medikamenten op de Maart kommen op Basis vu Substanzen, déi och am Cannabis enthale sinn. An et ass esou, dass dat eent oder anert Medikament op Basis vum THC an enger Genehmigungsprozedur ass, an deem engen oder anere Land zougelooos ass. A wann ee Medikament, dat deen Numm verdéngt, op Basis vum Cannabis, hei zu Lëtzebuerg als Medikament beantragt gëtt, wann et déiselwecht Prozedur duerchmécht wéi all déi aner Medikamenten, dann ass et duerchaus unzuhuelen, dass dat Medikament op Basis vum Cannabis, op Basis vun enger Substanz vum Cannabis och hei zu Lëtzebuerg enregistriert gëtt.

Ob et da rembourséiert gëtt, dat ass eng aner Affär. Dat ass d'CNS - d'Gesondheitskeess -, déi dorwäert ze decidéieren huet. Ech weess vun zumindest engem Medikament, dat déi Prozedur am Moment duerchmécht.

Dann ass gefrot ginn, ob een hei zu Lëtzebuerg zumindest Essais cliniques op Basis vum medezinesche Gebrauch vu Cannabis kéint maachen. Bei Essai-cliniquen - an dat gëllt fir all Essai-cliniquen, och fir en eventuellen, deen an deem dote Beräich gemaach gëtt - gëllt et, ganz strikt am Intérêt vun deenen, déi drun deelhuele, Konditiounen ze erfëllen; a wann esou en Essai clinique ugefrot gëtt ginn, da misst am Viraus den Avis vum Comité national d'éthique et de recherche ageholl ginn, an da gëtt en dee Moment vum Gesondheitsminister genehmegt ginn.

Ech wëll och soen, an do wëll ech drop insistéieren a virleefeg zur Konklusioun kommen, dass et richteg ass, dass an deenen Diskussiounen, déi am Ausland lafen, et eng Rei vun Iwwerleeungen an och Hiwaiser gëtt, dass de Cannabis fir medezinesch Zwecker ka sech ubidden an enger Rei vu ganz kloer definéierten Indikatiounen. An dat sinn net déi Indikatiounen, déi den honorablen Här Colombero ganz breet spreet, mä dat si virun allem a Fäll vu schwéiere Schmäerzen, a Fäll vu palliativer Begleedung vu Kriibs, vun aneren, ganz schwéiere Krankheeten, awer - an dat, ech kann der Chamber dat als Informatioun iwwerginn - opgrond vun deene Recommendationen, déi den hollänneschen Office mécht, jiddefalls net indiquéiert, wa Problemer psychescher oder psychotescher Natur do sinn, well dat kéint Contre-effeten ausléisen, déi net ze steiere sinn.

Ech insistéieren drop, dass, wann also driwwer kann diskutéiert ginn um internationale Plang, och um europäesche Plang, wéi een déi Planz kann notzen am Intérêt vu ganz kloer definéierten Indikatiounen, dat diskutabel ass. Ech muss allerdéngs soen, dass déi Aart a Weis, wéi déi Diskussioun hei opgegraff ginn ass a wéi an der Praxis operéiert ginn ass, relativ contre-productif ass fir eng nuancéiert Diskussioun, well sech erausstellt, dass d'Verschreiwunge vun deem Betreffene jiddefalls net esou mat Doigté gemaach gi sinn a mat Patienten, déi ee laang kannet huet, mä e bëssen à tort et à travers gemaach gi sinn, an dat ass d'Ursaach, firwat dass et zu enger Enquête komm ass.

Et ass net zu enger Enquête komm, well hei engem schwéier leidende Patient de Cannabis verschriwwen ginn ass, mä et ass zu enger Plainte komm, well...

(**Interruption**)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ...bei der Fro bleiwen...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Jo, ech wëll dat...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Dir gitt perséinlech hei!

► **M. le Président.**- Här Gibéryen, loosst awer vläicht elo den Här Minister op déi Fro äntworten!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Jo, op d'Fro!

► **M. le Président.**- Dir kënnt jo herno Parole après ministre froen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Selbstverständlech. Ech wëll just soen, dass een hei net d'Impressioun soll ginn, dass d'Verdäiwelung gemaach géif gi vu leidende Patienten, mä dass ee ganz, ganz gutt muss oppassen, wem ee wat verschreift, well do huet een eng ganz grouss Responsabilitéit, wann een dat mécht a wann ee virun allem Patienten net ganz am Detail, a virun allem hir Krankengeschichten net ganz am Detail kennt.

Dat ass eppes, wou ee muss oppassen. Wann een eng Diskussioun um wëssenschaftleche Plang wëllt féieren - an do sinn ech ganz gär bereet, déi um wëssenschaftleche Plang ze féieren -, dann dierf een déi wëssenschaftlech Diskussioun net hypothéquéieren doduerch, dass een eng net wëssenschaftlech Aart a Weis uwennt, fir de Cannabis ze verschreiwen, dee bis op Weideres net eng Aspro oder eng Kamell ass, mä ëmmerhin nach eng Drog bleift.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gesondheitsminister. Här Colombero, Dir hutt eigentlech zwar keng Zäit méi. Wann Der nach wëllt eng Fro stellen, dann haalt Iech ganz kuerz, well Dir hutt Är fënnf Minutten iwwerschrott.

(**Interruption**)

Dir huelt d'Wuert also pour faits personnels, da kënnt Der et nach eng Kéier huelen.

► **M. Jean Colombero (ADR).**- Jo. Merci, Här President. Wat ech hei wollt soen, Här Minister: «Une drogue, c'est une substance qui est principalement utilisée pour la psychoactivité.» Dat heescht, do musst Der ëmmer Ënnerscheeder maachen, wat eng Drog ass a wat keng Drog ass.

Här Minister, ech mengen, ech hu verstane, wat Der gesot hutt, ech wier - loosst mech et emol ganz diplomatesch ausdrécken - e schlechten Dokter. An dat, Här Minister, ech weess net, wat ech do soll soen. Ech wëll näischt soen. Ech wëll Iech nëmme soen, vu dass mer Iecherausgeruedert hunn, ech wëll Iech hei offiziell matdeelen, ech sinn an der Recherche am Cannabis dran.

Ech soen Iech Merci.

► **M. le Président.**- Gutt, da kritt nach eng Kéier de Gesondheitsminister d'Wuert.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll just ënnersträichen, dass ech net gesot hunn, dass den honorablen Dokter Colombero e schlechten Dokter ass. Ech hu just gesot, dass ee muss oppassen, dass, wann ee Wëssenschaftler ass, een och Wëssenschaftler bleift! An, dass een och seng Wëssenschaft soll respektéieren, wann een eppes verschreift. Ech hunn och net hei gesot, dass den Här Colombero, den honorablen Här Colombero, e schlechten Deputéierten ass, well e geltend Gesetz offensichtlech staark interpretéiert.

Ech soen Iech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gesondheitsminister. Mir kommen elo...

► **Une voix.**- Et si nach vill Leit, déi vläicht schlecht dru sinn...

► **M. le Président.**- Mir kommen elo als nächste Punkt vun eisem Ordre du jour op den zweete Vote constitutionnel vum Projet de loi 5939 iwwert d'Reorganisatioun vun der Handelskummer. Hei hat de 15. Juli 2010 d'Chamber eng éischte Kéier driwwer ofgestëmmt, a mir héieren elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Alex Bodry.

10. 5939 - Projet de loi portant réorganisation de la Chambre de Commerce (second vote constitutionnel)

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetzesprojekt 5939 geet et bekanntlech drëm, dass d'Chambre de Commerce hei zu Lëtzebuerg soll nei gesetzlech verankert ginn, dass se soll moderniséiert ginn an der Definitioun vun hire

Missiounen, zum Deel och an hirem Fonctionnement, an dass se virun allem soll nei geregelt ginn, wat d'Definitioun vun hire Ressortissanten ugeet a wat de Regime vun de Bätträger ugeet.

Dës Reform vun der Chambre de Commerce ass hei eestëmmeg guttgeheescht ginn an engem Vote vun dëser Chamber. Et ass awer esou, dass de Statsrot eigentlech an der Linn bliwwen ass vu sengem ganz kriteschen Avis, deen en zu deem Projet gemaach huet, an duerch eng Décisioun vum 16. Juli refuséiert huet, fir d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn, sou dass also d'Chamber hei nach eng zweete Kéier iwwert deen heite Gesetzesprojekt ze befannen huet.

Ech wëll net méi in extenso op den Inhalt vun deem Gesetzestext hei agoen. Dat hate mer gemaach ulässlech vun eiser éischter Diskussioun hei virun der Summervakanz. Ech wëll awer op déi zwee Haaptkritikpunkte kuerz zrëckkommen, déi de Statsrot do virbruecht hat a sengen Avisen an déi schlussendlech och dozou gefouert hunn, dass en d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel refuséiert huet.

De Statsrot war net d'accord eigentlech, fir d'Chambre de Commerce aus dem Regelwierk vum Gesetz vun 1924 erauszehuelen, dat allgemeng d'Chambres professionnelles hei zu Lëtzebuerg regelt. An eisen Aen ass dat Argument net méi stéckhaltig, well et schonn eng Rei vun Texten ginn ass an notamment d'Chambre des Métiers schonn net méi an deem Gesetz vun 1924 verankert war, mä eng eegestänneg gesetzlech Grondlag hat. Esou, dass et also do scho Prezedenzfäll gëtt, wou aner bestehend Chambres professionnelles eben eng aner gesetzlech Grondlag haten, eng eegen.

Zweete Kritikpunkt war de Statut vun der Chambre de Commerce, déi, no der Meenung vun der Chamberskommissioun, en Établissement public sui generis ass, eng Interpretatioun, déi an der Tëschenzäit och bestätegt ginn ass vun enger Jurisprudenz vun der Cour administrative: eng Rei vun Arrêten vum 11. Mee 2010, déi och ganz kloer gesot hunn, dass an den Ae vun där héijer Jurisdiktioun d'Chambre de Commerce eng Personnalité juridique de droit public ass, déi awer assimiléiert ka gi mat engem Établissement public.

Ech zitiiere weider aus deenen Arrêten, déi soen, dass déi «Chambres professionnelles sont créées par le législateur, régies par un régime de droit public et investies de prérogatives exorbitantes du droit commun des relations privées». Et gëtt weider preziséiert, dass zwar d'Regierung kee Pouvoir de tutelle op d'Chambres professionnelles huet, mä dass se awer eng gewëssen Iwwerwaachungsgewalt iwwert déi Chambres professionnelles an och iwwert d'Chambre de Commerce huet. Si bestätegt also déi Jurisprudenz, déi Interpretatioun vun der Regierung, déi mer iwwerholl hu fir ze soen, dass et sech bei der Chambre professionnelle, wéi och bei deenen anere Berufskummeren, ëm Eta-blisement-publicen handelt.

Zweet Kritik vum Statsrot, Objection, Opposition formelle, déi se opgeworf hunn an hiren Avisen, war dee Regime vun der Cotisatioun, deen hei iwwert dat Gesetz agefouert gëtt. Wat gesäit dee Regime vir? Dee gesäit vir, dass u sech d'Chambre professionnelle selwer, d'Chambre de Commerce selwer sech e Régime des cotisations gëtt, also en intern Reglement, wat d'Cotisatioun festleet. Mä dat intern Reglement muss approuvéiert gi vun der Regierung.

Et ass genau deen dote System, dee mer och haut an anere Chambres professionnelles erëmfannen. Do si mer also och der Meenung, dass mer hei net eppes maachen, wat exorbitant wier par rapport zu deenen allgemenge Regeln, déi fir d'Chambre-professionnelles hei zu Lëtzebuerg gëllen.

Mir sinn also der Meenung, dass mer sollte bei eisem éischte Vote bleiwen, och op deem dote Punkt, well keen neit Argument komm ass, wat eis kéint un der Richtigkeit vun eiser Positioun zweifelen dinn.

Et ass nach eng Interjektioun komm tëschent deenen zwee Votë vum Ordre des architectes et ingénieurs, déi sech dergéint



wieren, dass se sollen ënnert d'Ressortisantë falen, dat heescht, ënnert déi Leit, déi mussen eng Cotisatioun bezuelen, wa se sech zesummegegess hunn an enger Société commerciale.

Mir waren der Meenung, dass dat keng Neierung duerstellt par rapport zum aktuelle Regime. Well schonn haut ass et esou, dass u sech d'Sociétés commerciales ënnert d'Definitiou vum de Ressortissant vum der Chambre de Commerce falen. Dee Moment ass et eigentlech och net anormal, dass déi Architekten oder Ingenieuren, déi déi dote Form vum Zesummeschloss sichen, dann och musse cotisiéiere fir d'Chambre de Commerce.

Alles dat also ass d'Positioun vum der zoustänneger Kommissioun. Mir géifen also d'Chamber hei opfuere, fir den éischte Vote ze confirméieren a Jo zu deem heiten Text ze soen an där Formulatioun, wéi déi zoustänneg Chamberskommissioun d'Propos gemaach huet.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur Alex Bodry. Wëllt nach een d'Wuert ergreifen?

(Négation)

D'Regierung och net?

(Négation)

Ech mengen, domadder wier d'Diskusioun ofgeschloss a mir kommen dann elo zur Ofstëmmung.

Second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5939 ass ugehall mat 57 Jo-Stëmmen am zweete Vote constitutionnel.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel (par M. Félix Eischen), Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Scheuer);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Henri Kox), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

D'Chamber befaasst sech haut de Mëtteg mat der Interpellatioun vum Här Gast Gibéryen iwwert d'Pompjeeën. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Kaes an Etgen, d'Madame Dall'Agnol an den Här Gira. D'Wuert huet elo den Auteur vum der Interpellatioun, den honorabelen Här Gast Gibéryen.

11. Interpellation de M. Gast Gibéryen sur le corps des sapeurs-pompiers: analyse de la situation actuelle et des défis majeurs résultant d'un environnement économique et social en mutation. Ébauche des initiatives politiques et législatives qui s'imposent

Exposé

► **M. Gast Gibéryen** (ADR), *interpellateur.* - Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, virgëschter Moien an

der..., gëschter Moie villméi, an der Kommissiounsetzung vum den Affaires intérieures huet den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf gesot, datt d'Reform vum Sécherheitswiesen eng extrem Urgence bei der Regierung géif genéissen. Ech wëll an deem Zesummenhang drun erënneren, datt ech dës Interpellatioun Niklosdag 2006 ugefrot hunn. Ech hat deemools wahrscheinlech un de Kleesche gegleeft, well et huet bal véier Joer gedauert, bis mer déi Interpellatioun hei an der Chamber zur Diskussioun kréien.

Ech wëll awer haut net zrëckkucken, Här President, mä ech wëll - wéi mer och gëschter an der Kommissioun diskutéiert hunn - kucken, ob mer als Parlament parteiwwergräifend d'Méiglechkeet géife kréien, fir e Konsens ze fannen, wéi eist Sécherheitswiesen hei am Lëtzebuurger Land kéint an Zukunft gestalt ginn.

Esou, wéi a menger schrëftlecher Demande deemools indiquéiert, wëll ech fir d'Éischt eng Rei vu statisteschem Material hei opzielen, wou mer haut am Sécherheitswiese sinn. Ech mengen, et ass kloer, datt ee mat de Pompjeeën, de fräiwëllege Pompjeeën ufänkt, wou mer hei am Land 178 Corpsen hu mat 8.714 Leit. Dovunner sinn der 6.076 Aktiver, vun hinne 589 Fraen, 1.528 Jugendlecher ënner 16 Joer an 1.110 pensionéiert Pompjeeën iwwer 65 Joer. Déi 178 Corpsen hunn d'lescht Joer 15 nei Gefierer kritt an hunn haut zesumme 605 Gefierer, an nach 18 weider Gefierer hunn en Accord de principe kritt.

Niewent de fräiwëllege Pompjeeën hu mer d'Pompjeeën vum der Stad Lëtzebuerg mat iwwer 150 Leit, zéng Ambulanzen, 30 Pompjeesween an engem Käschtepunkt fir d'Stad Lëtzebuerg vu 14 Milliounen Euro d'Joer.

Den drëtte Volet am Sécherheitswiese spilt doudsécher d'Protection civile mat 25 Zentren iwwert dat ganz Land, mat Ausnahm vum der Stad Lëtzebuerg, déi hiren eegenen Ambulanzdëngscht huet. Déi si 24 Stonnen op 24 am Dëngscht. Bis 2009 ass den Dëngscht an deene 25 Zentren praktesch exklusiv vu bénévolë Persounen gemaach ginn. D'lescht Joer - oder dëst Joer - sinn 13 haaptberufflech Leit an deenen Zentren agestallt ginn. 51 Ambulanzen huet d'Protection civile. An 2009, ee Chiffer, deen interessant ass: ronn 32.000 Sortië sinn déi Ambulanzen gefuer an eng Millioun Kilometeren hu se gemaach. Am Prinzip sinn dräi Persounen, fräiwëlleg Secouriste-ambulancier, an enger Ambulanz.

Wa mer iwwert d'Sécherheitsliewen hei zu Lëtzebuerg schwätzen, därf een, mengen ech, och d'Air Rescue net vergiessen, ob-schonn déi net an dem staatleche kommunale Rettungsdëngscht dran ass. Mä och hei sinn op privat Initiativ 85 Persounen fest ugestallt, mat fënnf Rettungshelikopteren an dräi Ambulanzjets.

Ee wichtege Pilier an deem ganze System ass eise System vum 112, wou 2009 bal 300.000 (lire: 500.000) Appeller erakomm sinn, bal en absolut Rekordjoer. Dat Joer virdru waren et der 475.000.

De SAMU, dee vum 1. Juli '89 un Partie intégrante vun eise Service de secours ass an dee sechs Gefierer vum enger Intervention rapide huet, dräi Antenne mat Ettelbréck, Esch a Lëtzebuerg, an zesummen an deenen dräi Antenne 7.800 Sortien 2009 gemaach huet, wat am Schnëtt 21,4-mol den Dag ass, wou de SAMU erausfiert.

De Service sauvetage, deen hat 2009 iwwer 6.000 Interventiounen. Niewent deene Servicer gëtt et nach e Service de protection radiologique, de Groupe d'alerte, d'Unité de support logistique, d'Unité logistique de ravitaillement, de Groupe canin, de Grupp vum den hommes-grenouilles, de Groupe de lutte contre les pollutions par produits chimiques, de Groupe de support psychologique, an et gëtt nach een Team, deen humanitär Interventiounen mécht.

Wat d'Finanzen ubelaangt, gëtt dat Ganz iwwert de Stats- an d'Gemengebudgete finanzéiert, deelweis - dem Stat säin Deel - iwwert den Impôt spécial, op deem ech nach wäert zrëckkommen. De Käschtepunkt fir de Stat gëtt mat 21 Milliounen an dee fir d'Gemenge mat 30 Milliounen chiffriert, dovunner - an deenen 30

Milliounen - 14 Milliounen eleng vum der Stad Lëtzebuerg. Also en Total, kann ee soen, vu ronn 50 Milliounen d'Joer, wat den Dëngscht de Stat an d'Gemenge kascht.

Den Impôt spécial, deen déi Däitsch 1939 mam „Feuerschutz-Steuergesetz“ während der Okkupatioun agefouert hunn, ass nom Krich duerch en Arrêté grand-ducal vum 26. Oktober '44 bäibehale ginn. Duerch Gesetz vum 21. Februar '85 ass den Taux vu 4 op 6% gehéicht ginn. Dës gi vum den Assurancë bezuelt. 2009 huet dat insgesamt 5.195.000 Euro an de Statsbudget erabruucht, déi da gebraucht ginn - laut enger Opdeelung -, wou en éischten Deel gebraucht gëtt fir d'Caisse d'assurance vum de Pompjeeën. Dee variéiert opgrond vum den Accidenter vum dem respektive Joer. Zweetens gi se gebraucht fir d'Pompjeesmaterial fir déi eenzel Pompjeescorpsen, d'Instruktioun an d'Caisse de secours. An drëtzens, wat dann nach Rescht bleift gëtt als Subventioun fir Material bei de Pompjeescorpsen weiderverdeelt.

2008 waren dat 4,2 Milliounen an dovunner sinn 2,6 Milliounen als Subventioun un d'Gemenge fir Material a Gebailechkeete gaangen. Am Abléck sinn et am Prinzip 50%, wat fir Material a Gebailechkeete subventionéiert gëtt, am Regionale geet et op 75% erop. An deenen Zommen sinn d'Uschafungen: 2009 sinn 828.489 Euro fir Material investéiert ginn. An deeser Zomm sinn d'Uschafungen vum der Stad Lëtzebuerg net dran an och déi engagéiert Zomme fir de Bau oder Ëmbau vu Gebailechkeete fir fräiwëlleg Pompjeeën net.

Hei wier eng Fro, déi ech wëllt un den Här Minister stellen, ob den Här Minister eis kéint soen zu deem Zäitpunkt, réckblëckend, wéi vill Subsidé vum Ministère engagéiert si ginn, vun him a senger Virgänger oder an der leschter Legislaturperiod, déi nach net ausbezuelt si ginn, wat d'Sécherheitswiesen ubelaangt, vis-à-vis vum de Gemengen, ob all déi accordéiert Subsiden ausbezuelt sinn oder wéi vill Gelder datt do nach ausstinn.

No deem kuerze statisteschen Deel wëllt ech dann op d'Problematik, déi mer haut mat de Sécherheitsdëngschter hunn, ze schwätzen kommen. Engersäits wësse mer, datt eis Populatioun vu Joer zu Joer wiisst: Mir hunn haut 500.000 Leit hei am Land wunnen. Do derbäi hu mer nach all Dag iwwer 150.000 Frontalieren, déi hei an d'Land schaffe kommen. Et ass also vill méi eng grouss Populatioun, déi op d'Sécherheet muss zrëckgräifen, verbonne mat méi Wunnengen, mat méi Héichhaiser, Verkéier, Strooss, öffentlechen Transport an esou weider, wat alles vu Joer zu Joer wiisst: Autobunnen, Tunnelen, Industrie mat neie Geforestellen.

Da muss ee wëssen, datt eis Sécherheitsdëngschter, d'Pompjeeën an och zum Deel d'Protection civile, net nëmme bei Feier, Accidenter oder Katastrophen zum Asaz kommen, mä och bei kulturellen, sportlechen, weltlechen, reliése Manifestatiounen. Zum Beispill 2009 eleng huet d'Protection civile 298 Permanencë misse maachen, déi vun Associatiounen oder Administratiounen ugefrot si ginn.

De Bénévolat geet allgemeng zrëck. Domadder wësse mer, datt mer Problemer kréie bei der Besetzung vum de Permanenten. Aktuell Beispiller ass et der an der leschter Zäit ginn, déi och duerch d'Press gaange sinn. Ech wëll haut net dorobber agoen. Fakt ass, datt mer ëmmer manner Leit hunn, déi bereet sinn, sech bénévolë ze engagéieren a virun allem sech bénévolë ze engagéieren an engem Service, dee vill Zäit a permanent Zäit an Usproch hält, deen also regelméisseg gefrot gëtt.

De Pompjeeën an de Leit aus der Protection civile muss awer e grouss Engagement, zäitlech gesinn, ofverlaangt ginn. Hir Präsenz si grouss, souwuel wat d'Organisatioun ubelaangt: Formatioun, Übungen, Permanenten, Astandhale vu Material a Gebailechkeeten, an do derbäi - niewent all deenen Asätz - kommen dann am Fong eréischt d'Asätz, déi wierklech um Terrain geschéien.

Et gëtt also eng enorm Fräizäit vum deene Leit verlaangt, a mir fannen am Sécherheitswiese virun allem och Familljen, Leit, déi praktesch hiert ganz Liewen an den Dëngscht vum der Sécherheet vum hire

Matbierger stellen. Ganz oft fanne mer souguer ganz Familljen, déi dat maachen, an oft souguer Familljen, déi iwwer Generatiounen deen Dëngscht vis-à-vis vum der Gesellschaft gratis leeschten. Et ass also en onheemleche Verdëngscht vis-à-vis vum eiser Gesellschaft, wat déi Leit maachen, an déi kréie bis elo praktesch keng finanziell Unerkennung. Hir Unerkennung besteet reng aus mënschlecher Satisfaktioun, déi se perséinlech hunn.

De Bénévolat ass awer enorm wichtig. E gëtt eis e grouss Virdeel, well en éischters bis elo praktesch näischt kascht huet. Praktesch hu mer och keng professionell Corpse missen dohinner setzen, well de Bénévolat dat geléist huet. En ass flächendeckend duerch d'ganz Land verdeelt. Et ass eng direkt Hëllef präsent an am Fall vu Katastrophen ass eng grouss Zuel vu gutt forméierte Leit a qualitativ héichwäertegem Material präsent.

Wa mer eng Kéier missten d'Sécherheitswiese professionaliséieren, géif dat eleng fir de Service vun den Ambulanzen tëscht 35 a 40 Milliounen Euro d'Joer kaschten. Duerfir gëtt et keng Alternativ zum Bénévolat am Sécherheitswiesen. An dach musse mer wëssen, datt mer Problemer an eisen heitege Strukturen hunn.

D'Material, wat mer hei zu Lëtzebuerg hunn: Et kann ee praktesch soen, datt mer optimal équipéiert sinn. Ech hu gesot, eleng mat 600 Gefierer, déi eis Pompjeescorpsen hunn, plus d'Material, wat Protection civile huet, sou datt mer also wëssen, d'Palette vum deem, wat u Sécherheet muss do sinn, kann ee soen, ass hei zu Lëtzebuerg do. D'Finanze ware bis elo och ëmmer do, fir dat ze finanzéieren.

Mä de Problem ass de Bénévolat, deen zrëckgeet. De Problem, dee mer hunn, bei der Besetzung a priori vum de Permanenten, souwuel bei der Protex wéi bei de Pompjeeën während den Aarbechtszäiten. Ganz dacks hu mer Alarmë während den Aarbechtszäiten. Da si wuel d'Gefierer an d'Material do, mä mir hu keng Leit, fir op déi Gefierer ze setzen.

Dat huet derzou gefouert, datt vill Gemengen an deene leschte Joren higaang sinn an Eegeninitiativen ergraff hunn an deelweis Pompjeeën agestallt hunn oder Leit, déi bei der Protection civile tätég sinn, a se beschäftegt hunn, sief et deelweis am Sécherheitsdëngscht, oder Gemengen higaang sinn an einfach deene Leit, déi hir Kandidatur gestallt hunn, sief et am technesche wéi am administrative Service, déi am Sécherheitswiesen aktiv sinn, eng Prioritéit ginn hunn.

Esou konnt ech zum Beispill haut an der Zeitung liesen, datt d'Gemeng Fréiseng iwwert dee Wee sechs Leit am administrativen an am technesche Service huet, fir, wann eppes geschitt, och Pompjeeën an der Gemeng präsent ze hunn, déi kënnen d'Gefierer asetzen.

Wivill där Leit queesch duerch d'Land eis 116 Gemengen - oder 115, wa mer d'Stad Lëtzebuerg ewechhuelen, déi hiren eegene professionellen Dëngscht huet - hunn, dat wësse mer net, dat ass net chiffriert, a selbstverständlech och domat de Käschtepunkt net.

Wéi kéinten optimal Strukturen dann elo an der Zukunft ausgesinn? Als ADR maache mir eng Proposition, wéi mer eis eist d'Sécherheitswiese kéinten an Zukunft virstellen, wéi et kéint funktionéieren. Si soll als eng Diskussiounsbasis déngen, déi no Réck- a Matsprooch mat alle Concernéierten esou soll adaptéiert ginn, fir datt mer eis Ziler mussen a kënnen errechen.

Dat éischt Zil muss sinn, déi bescht Hëllef esou séier wéi méiglech op der Plaz ze hunn, wou se gebraucht gëtt; dem Mënsch, dem Déier, der Natur oder de Betriber ze hëllefen; d'Hëllef an de Vierdergrond vum eisen Iwwerleeunge stellen. Net dat Finanziellt, net dat Struktureellt, mä d'Hëllef muss an de Vierdergrond getallt ginn, an dat Materiellt an dat Struktureellt muss deem entspriechen.

Mir hunn eis Propositionen scho viru véier Joer diskutéiert, wéi mer d'Interpellatioun